

d'Entwécklung vun der Finanzplaz vun äusserst grousser Wichtigkeet ass. Hei maache mer eppes, datt déi Finanzplaz och muer eng Zukunft huet, datt wann och emol déi eng oder déi aner Aarbechtsplaz ewechfält, erëm nei Aarbechtsplaze kënnen geschafe ginn duerch nei Aktivitéiten an dofir sinn ech wirklich frou, datt, wann och zum Enn vun dëser Legislaturperiod, mer dëse Projet hei mat grousser Zoustëmmung duerch d'Parlament kréien. D'Finanzplaz ass ee wesentleche Piliër vun eiser Ekonomie. Mir wëlle se weider ausbauen an dofir brauche mer esou Texter wéi déi heiten.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 45 si gellies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleien-de Projet de loi 5201.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel et M. Marco Schroell;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Grisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussion vun der Proposition de loi 4754 iwwert d'Revisioun an d'Schafung vu verschiddene Verfassungsartikelen. Ech wëll drun erënnere, dass bei dëser Verfassungsännerung den Artikel 144 vun der Verfassung beim Vote applizéiert gëtt. Dat heescht, dass mindestens dräi Véierel vun den Deputéierte mussen present sinn an zwee Drëttel derfir stëmmen. De Vote par procuration ass net zougelouss. Ech géng also bieten net wäit fortzegoen.

Et si schonn ageschriwwen bis elo: den Här Bodry, d'Madame Beissel an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der

Proposition de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

8. 4754 - Proposition de loi portant

1. révision des articles 11, paragraphe (6), 32, 36 et 76 de la Constitution;

2. création d'un article 108bis nouveau de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Artikelen vun der Verfassung si gläichwäerteg. Et gëtt tëschent den Artikelen vun der Verfassung keng Hierarchie. Et ass awer esou, dass, wa mer eenzel Artikelen vun der Verfassung kucken, mer feststellen, dass et Artikelen gëtt, déi méi eng grouss Bedeitung oder eng aner Bedeitung hu fir eis Institutionen an och fir d'Rechter vun de Bierger wéi verschidden aner Artikelen. Deen, dee mer haut ofänneren, den Artikel 36, deen de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc festleet, ass ee vun deenen Artikelen. Déi viregt Chamber hat och deen Artikel an d'Rei opgeholl vun den Dispositionen, déi sollten ofgeännert ginn.

D'Kommission vun den Institutionen a vun der Verfassungsännerung huet sech där Aufgab ugeholl a si huet ganz séier een neien Text ausgeschafft, deen de 24. Januar 2001 hei an der Chamber konnt deponéiert ginn. De Statsrot huet säin éischten Avis ofginn den 19. Februar 2002. D'Kommission huet sech mat deem amendéierten Text ausernee gesat a si huet selwer nei Amendementer zu dem Artikel 36 presentéiert. Dat war den 30. Mee 2002.

De Statsrot huet dorophon en zweeten Avis gemaach, en Avis complémentaire, dee mer de 16. März 2004 kritt hunn. D'Kommission huet dee Rapport, deen Avis, analyséiert a si huet déi Textännerungen, wéi de Conseil d'État se proposéiert huet, majoritairement ugeholl. Et sinn och déi Texter, déi am Rapport, deen de 4. Mee 2004 guttgeheescht gouf, zréckbehalen si ginn.

De Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc, esou wéi en an den Artikelen 36, 37 an awer och 32 vun der Verfassung verankert ass, gesäit elo vir, dass dee Pouvoir eenzeg an eleng beim Grand-Duc läit. Et kann ee sech also d'Fro stellen, firwat dann elo deen Artikel 36 ofgeännert muss ginn. Wat sinn d'Grënn fir eng Ännerung ze proposéiere wou mer jo awer wëssen, dass een net liichtfankeg mat der Verfassung soll ëmgoen an dass, wann een Ännerung mécht, se gutt mussen iwwerluecht sinn an dass een och Grënn muss hu fir d'Verfassung op eenzelnen Artikelen, op eenzelnen Dispositionen ze änneren?

Wann ee méi genee de Pouvoir réglementaire kuckt, esou wéi en elo an der Verfassung verankert ass, a wou ech gesot hunn, dass dee Pouvoir beim Grand-Duc läit, da stellt ee fest, dass deen eng Rei Problemer stellt an der Ausféierung vum Grand-Duc selwer, awer och an der Ausféierung wat aner Organer vum Stat betreffen. Ech hu gesot, de Grand-Duc eleng huet dee Pouvoir réglementaire, mä de Grand-Duc kann awer, wat dee Pouvoir do ugeet, net maache wéi e wëllt. De Grand-Duc muss sech selwer un d'Verfassung an un d'Gesetz halen. De Grand-Duc kann och, wann e seng Reglementer hält, net iwwert d'Portée vun de Gesetzter erausgoen an e kann och net en retrait bleiwen. Hie kann also weder d'Gesetzter ausdehnen nach se aschränken.

Et gëtt och an der Verfassung selwer verschidden Texter, déi de Pouvoir vum Grand-Duc aschränken. Dat sinn déi Artikelen, déi virgesinn, dass eenzel Matière eleng dem Gesetz ënnerworfen sinn, dass also fir déi Matière ze reglementéieren oder do Gesetzter, Dispositionen ze huelen, dat nëmmen iwwer e Gesetz ka geschéien. Et sinn eng 15 där Artikelen an der Verfassung, déi esou eng Disposition virgesinn, wou also Matière dem Gesetz duerch d'Verfassung selwer reservéiert sinn. Do huet sech an der Vergaangenheet ëmmer d'Fro gestallt: Muss dann d'Gesetz an deenen dote Beräicher alles virgesinn oder bleift do nach eng Méiglechkeet, dass och de Grand-Duc Reglementer kann huelen fir eenzel Detaildispositionen ze reglementéieren?

De Conseil d'État war ëmmer der Meenung, dass et géng duergoen, dass am Gesetz selwer déi grouss Linne géife festgeluecht ginn, an dass duerch de Pouvoir réglementaire Detailfro kënnge gekläert ginn. Déi Meenung do gëtt och elo vum Verfassungsgericht gedeelt, dat an zwee Arrëten déi do Theorie, wann een esou ka soen, festgehalen huet. Wéi mer iwwert déi Artikelen geschwat hunn, ware mer der Meenung, dass et gutt war wann een déi dote Fro an der Verfassung selwer och kënnt klären.

Et gëtt en zweete Beräich wou sech Problemer gestallt hunn, e Beräich, deen ëmmer erëm all Joer an der Chamber hei diskutéiert ginn ass, dat ass déi sou genannt Loi habilitante. Dat ass dat Gesetz wat der Regierung erlaabt, an eenzelnen urgente Situationne Reglementer ze huelen, déi sech am Intérêt vum Stat opdrängen. D'Chamber huet dat Gesetz do zënter 1946 regelméisseg all Joer gestëmmt, huet also der Regierung Pouvoir ginn, fir am finanziellen an ekonomesche Beräich Reglementer ze huelen an an deene Reglementer souguer Dispositionen virgesinn, déi contraire wieren zu bestehende Gesetzter.

D'Chamber war awer ni bereet, der Regierung de Pouvoir ze ginn, fir an deene Matière, déi op Grund vun der Verfassung engem Gesetz reservéiert sinn, e Reglement ze huelen. Mä ofgesinn dovun hu sech awer an deene Reglementer, déi och an deene leschte Jore geholl si ginn, zwee Problemer gestallt, wann ech emol sou ka soen, déi och an der Chamber hei an deene leschte Jore vu verschiddenen Deputéierten ervirbruecht si ginn, déi och de Conseil d'État an engem Avis vun den 90er Joren opgeworf huet.

Dat eent ass d'Fro ob d'Regierung, wa se e Reglement hält, deen am ekonomesche Beräich geholl gëtt, dann och d'Dispositionen kann drun huelen, déi gegebenenfalls géint d'Liberté de commerce et de l'industrie géife verstoussen, well déi zwee Beräicher, den ekonomeschen a finanziellen Beräich an de Commerce leie ganz enk beieenen an et ass schwéier festzustellen, wéiwäit ee Reglement dann och do géif géint d'Verfassung a géint d'Habilitatiounsgesetz verstoussen. Dat huet d'Kommission dozou bruecht fir an hirem Text, dee se proposéiert hat, virzegesinn, dass de Grand-Duc dann och kënnt am Beräich vun der Liberté de commerce Reglementer huelen an dass dat souguer an der Verfassung verankert géif ginn.

En drëtten Beräich betrëfft d'Reglements ministériels. An der Vergaangenheet, bis mer ee Verfassungsgericht haten, Métt vun den 90er Joren, war de Reglement ministériel gang und gäbe. En ass ëmmer erëm ugewannt ginn an trotz de Warnungen och vum Statsrot huet d'Regierung sech ganz oft net un déi Recommandatiounen,

wann een esou ka soen, gehalten. Et si ganz vill Règlements ministériels geholl ginn, vun alle Regierungen, déi um Pouvoir waren, zënter dem Krich. Do soll ee keng Ausnahm maachen.

D'Regierung huet och do am gudde Glawe gehandelt. Well och d'Theorie net ëmmer kloer war a well et eenzel Juristen och gi sinn, déi der Meenung waren, dass och de Règlement ministériel eng Méiglechkeet kënnt sinn, wann de Gesetzgeber der Regierung déi Pouvoir géif ginn duerch ee Gesetz, fir och Règlements ministériels ze huelen.

Déi Meenung ass allerdéngs vum Conseil d'État net gedeelt ginn. Besonnesch an deene leschte Joren huet de Conseil d'État sech ëmmer dergéint gewiert, dass duerch Règlement ministériel kënnge normativ Regele gesat ginn, déi allgemeng gültige Charakter hätten.

D'Cour constitutionnelle huet dat do confirméiert an hiren éischten Arrëten an huet gesot, dass et net méiglech ass, dass Règlements ministériels geholl ginn, well de Pouvoir réglementaire eenzeg an eleng beim Grand-Duc läit, dass et also eng Prérogative exclusive vum Grand-Duc ass an dass och d'Verfassung keng aner Form vun normativen Akte géif zouloossen.

Si huet och festgehalen, dass de Grand-Duc, deen déi Pouvoiren hält, kengem aneren déi Pouvoir kënnt delegéieren. Well awer an eenzelne Beräicher d'Noutwendegkeet besteet, fir duerch Règlement ministériel Dispositionen ze huelen, well och de Conseil d'État dat a sengem Avis ënnerstrach huet, esou wéi d'Kommission et d'ailleurs an hirem Exposé des motifs seet, ware mer och der Meenung, an och de Conseil d'État, dass een och déi do Matière soll an der Verfassung regelen.

Ee leschte Probleemberäich betrëfft déi Mesuren, déi en normative Charakter och hunn, déi vun aneren Organisme geholl ginn, notament vun Organismen professionnels réglementés. Och do huet d'Verfassungsgericht Arrêté gersprach, wou festgehalen gouf, dass och keen aneren Organisme soll Regele kënnen festsetzen. Hei war den Ordre des Avocats viséiert. Allerdéngs ass deen net eleng. Datselwecht gëllt och fir d'Professions de la santé, fir d'Notairen, fir d'Réviseurs d'entreprises a fir aner Beruffer, wou et also och gegebenensfalls noutwendeg ass fir ze kucken, wéi een do géif weiterfueren.

De Conseil d'État selwer huet déi Matière opgegraff an am Fong geholl den Débat erweidert iwwert d'Pouvoirs réglementaires an huet zousätzlech och d'Établissements publics mat abezunn, well an deene leschte Joren och Établissements publics geschafe gi sinn, déi dee Kontrollcharakter hunn an déi och Weisungsrecht hunn. Dat ass notament de Fall fir de Commissariat aux Assurances, ech nennen der hei zwee, oder fir d'Commission de Surveillance du Secteur financier, dee ganz oft och de Banken esou Normen, esou Reglementer imposéiert, déi also och e réglementaresche Charakter hunn.

Compte tenu vun där doter Problematik ass de Conseil d'État méi wäit gaange wéi d'Kommission vun der Chamber. D'Kommission hat proposéiert, eleng den Artikel 36 ze änneren an do verschidden Dispositionen mat eranzehuelen, déi souwuel de Pouvoir réglementaire vun de Ministere wéi och Spezialmesur fir de Grand-Duc virgesinn hunn. De Conseil d'État huet proposéiert och ze reglementéiere wat d'Liberté de commerce ugeet, dat heescht déi Beruffer, déi dorënner falen, an dofir huet e proposéiert den Artikel 11 (6) ofzënnere. Hien huet déi Spezialmesuren, esou wéi dat och richtig ass, an den Artikel 32 gesat, deen also och ofgeännert gëtt. Hie proposéiert de 36 ze änneren, de 76, wou d'Pouvoirs réglementaires vun de Minis-

tere virgesi ginn, an en huet proposéiert en neien Artikel 108bis virzegesinn, wat d'Établissements publics betrëfft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wat sinn elo déi nei Mesuren, déi virgesi sinn? Ech wäert mer erlabe se ganz kuerz virzestellen.

Éischstens emol bleift den Artikel 36 bestoen. D'Kommission ass der Meenung, dass de Règlement grand-ducal ëmmer nach dee wichtigsten an haaptsächlech deen normalsten Akt ass vun der Exekution vun de Gesetzter. De Règlement grand-ducal ass mat enger ganzer Rei vu Garantien ëmginn. Et ass virgesinn, dass de Conseil d'État muss gefrot ginn. Et sinn also eng Rei Garantien do am Intérêt vum Administré, esou dass och d'Kommission der Meenung war, de 36, wat de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ugeet, esou bestoen ze loossen.

Mir proposéieren allerdéngs dee leschten Zousaz, esou wéi de Conseil d'État et och virgesinn huet, dee seet: «...sans pouvoir jamais ni suspendre les lois elles-mêmes, ni dispenser de leur exécution...», ewechzeloossen, well e souwisou net erlaabt, dass de Grand-Duc déi Mesuren hält. Well de Grand-Duc huet net béid Pouvoiren, déi d'Verfassung him gëtt. An déi nei Dispositionen, déi mer am 32 virgesinn, kënnge eventuell mat deem doten Text net am Einklang sinn.

Dofir kritt elo den Artikel 36 eng méi einfach Form, déi folgendermoossen ausgesäit: «Le Grand-Duc prend les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois.»

En zweete Beräich betrëfft déi ganz Matière réservées, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz reservéiert sinn, a si betreffen och d'Lois habilitantes oder d'Pouvoirs exceptionnels. Well et sech erausgestallt huet, dass déi Schwierigkeiten, déi ech virdru skizzéiert hunn, dozou féieren, dass et zu enger Rechtsunsécherheet kënnt, wéi wäit dass dann d'Pouvoir vum Grand-Duc bei de Matière réservées ginn; well op där anerer Säit, esou wéi ech et och duerchgeluecht hunn, d'Lois habilitantes net kloer ëmressinn, hate mir proposéiert, dat an der Verfassung virzegesinn. De Conseil d'État ass an déi Iwwerleeunge mat eragaangen.

D'Kommission hat ursprüngelech virgeschloen, dass d'Regierung kënnt réglementaresch Mesuren huelen, déi och Ausnahme géifen duerstelle par rapport zu bestehende Gesetzter. Mir haten allerdéngs gesot, dass déi Reglementer ënner Form vu Gesetz an d'Chamber misste kommen, bannent engem kuerzen Délai, an dann hei missten entweder gestëmmt oder net gestëmmt ginn. Wann dat net de Fall wär, wieren déi Reglementer hifälleg.

De Conseil d'État seet mat Recht, dass et hei eventuell zu enger Vermeschung vun dem Pouvoir réglementaire an dem Pouvoir législatif kënnt kommen. Dofir seet en: „Bleift am Domän vum Pouvoir réglementaire“, an e geet souguer méi wäit. E gëtt souguer hei dem Grand-Duc d'Méiglechkeet, wat d'Lois habilitantes ugeet, fir a gewëssene Fäll Reglementer ze huelen, souguer an deene Matière, déi an der Verfassung engem Gesetz reservéiert sinn.

D'Kommission huet laang doriwwer diskutéiert, ob mer op deeseweche Wee solle matgoen. Mir waren der Meenung, dass een dat kënnt maachen. Éischstens well den Text virgesäit, dass déi do Mesuren nëmme kënnen geholl ginn en cas de crise internationale an dass se nëmme kënnen geholl gi wann d'Urgence ginn ass. Déi Urgence muss sech och aus dem Text an aus dem Préambule vun deem Règlement grand-ducal erginn an déi Reglementer hunn nëmmen eng Dauer

vun dräi Méint, esou dass ee kann unhuelen, dass och an deem Beräich se nëmme geholl ginn, wann et onbedéngt noutwendeg ass.

Wat d'Matières réservées ugeet, huet de Conseil d'État d'Propositionne vun der Kommissioun quasi-ment iwwerholl an e gesäit och vir, dass de Grand-Duc Reglementer kann huelen, fir och déi Gesetzer ze exekutéieren, wann d'Gesetz selwer him déi Pouvoirë gëtt. Dat heescht, wann an deem Gesetz, wat eng Matière réservée betrëfft, dee Reglement och duerch d'Chamber virgesi ginn ass.

De Conseil d'État huet da proposéiert den Artikel 76 ze änneren. D'Kommissioun selwer hat, wat d'Règlements ministériels ugeet, an dem Artikel 36 eng Disposition dragesat, dass och d'Ministere kënnte Reglementer huelen, souwäit wéi dat duerch Gesetz oder duerch Gesetzer virgesi war. De Conseil d'État ass der Meenung, dass do de Règlement ministériel op deeselwechten Niveau gesat gëtt wéi de Règlement grand-ducal, dass et esou wäit ka kommen, dass déi Pouvoirë vum Grand-Duc, wou jo awer hei de Règlement grand-ducal kloer determinéiert ass, kënnte méi verschwomme ginn.

An de Conseil d'État ass och der Meenung, dass ee soll d'Hierarchie des normes hei bestoe loosser. Dofir proposéiert hien eng Léisung, wéi se augenblécklech och an der Belsch besteet, fir virzegesinn, dass d'Ministere kënnen par délégation du Grand-Duc an engem Règlement grand-ducal de cas en cas Pouvoir kréien, fir Règlements ministériels ze huelen.

No laangen Iwwerleeungen an och compte tenu vun deene juristischen Argumenter vum Conseil d'État huet och d'Kommissioun majoritairement déi dote Propos ugeholl. Den Artikel 76 kritt dann een Zousaz, dee seet, dass am Kader vun deene Pouvoiren, déi de Grand-Duc huet, op Grond vun den Artikelen 36 a 37 vun der Verfassung, de Grand-Duc och an deene Fäll, déi hie selwer determinéiert, Membre vun der Regierung ka chargéieren, Ausféierungsbestëmmungen ze huelen.

De Conseil d'État, hunn ech gesot, huet den Débat ausgeweit an huet och virgesinn, dass den Artikel 11 (6) soll geännert ginn, dat op Grond vu rezenten Arrêté vun der Cour constitutionnelle, wou festgелеucht ass, dass Organismes professionnels keng Regeln, déi normative Charakter hunn, kennen huelen. De Conseil d'État ass der Meenung, dass een an der Verfassung selwer déi do Dispositionne soll virgesinn an hien huet selwer proposéiert, dass d'Gesetz kann den Organismes, déi eenzel Beruffer verrieden, déi ech och virdrun opgezielt hunn, ee Pouvoir gi fir Reglementer ze huelen. D'Gesetz selwer fixéiert déi Domänen, wou esou ee Reglement ka geholl ginn; d'Gesetz leet och d'Prozedure fest.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Et leet och fest, wéi Reglementer kennen annulléiert oder suspendéiert ginn, an et leet fest, wann deen Organisme enger Tutelle ënnerläit, dass dee Moment eben eventuell och de Pouvoir de tutelle kënnt esou e Reglement annulléieren.

Eng ähnlech Iwwerleeung huet de Conseil d'État gemaach fir d'Établissements publics. De Conseil d'État huet iwwregens rappéléiert, dass d'Établissements publics duerch Gesetz geschafe ginn, dass se eng Mission spécifique hunn. Ech mengen, et ass och gutt, dass dat rappéléiert gëtt, well net méi spéit wéi geschäit hei nach d'Fro opgeworf ginn ass, wat fir eng Pouvoiren een Établissement public hätt.

Or, et ass kloer dass den Établissement public op Grond vu senger spezifischer Mission nëmmen déi

Pouvoiren huet, déi d'Gesetz him gëtt. Wann also d'Gesetz näischt seet, kann een net doraus schléissen, dass dat, wou näischt driwwer gesot ass, den Établissements publics fräi wär. Dat ass falsch. D'Établissements publics hunn ëmmer nëmmen déi Pouvoiren, déi d'Gesetz hinne gëtt. Si hunn eng Mission spécifique a si kennen och nëmmen am Kader vun där Mission spécifique handelen.

D'Établissements publics ënnerleien och der Tutelle, an de Conseil d'État huet, well et eenzel där Établissements gëtt, déi also esou Norme mussen huelen, proposéiert, en neien Artikel 108bis anzeféieren, deen also och den Établissements publics, déi d'Personnalité juridique hunn, d'Méiglechkeet gëtt, dass déi Reglementer kennen huelen am Kader vun hire spezifische Missionen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Reform hei huet ee ganz wäitreechende Charakter. Am Numm vun der Kommissioun proposéieren ech och, dass déi Reform, esou wéi d'Kommissioun se festgehalen huet, mat den Artikelen 11, Paragraph (6), 32, 36, 76 an 108bis, soll gestëmmt ginn. Ech bréngen och hei den Accord vu menger Partei, der CSV.

Ech wëll allerdéngs och feststellen, dass dat hei déi lescht Reform ass, déi déi hei Chamber iwwert d'Verfassung wäert stëmmen. Mir hu ganz vill iwwert d'Verfassung diskutéiert. Et sinn och eng ganz Rei Artikelen, déi nach sollen ofgeännert ginn, déi beim Conseil d'État leien. Et sinn och verschidden Artikelen, wou schonn Avisen do sinn, vun deenen d'Kommissioun awer der Meenung war, si wieren net sprochräif.

(Interruption)

Ech mengen, Madame, et sinn eng ganz Rei Dispositionen, déi sou wäit gediehe sinn, dass ech géif mengen, dass och déi nei Chamber se relativ séier kënnt verabschieden, wa sech eng Majoritéit fënnt, well Dir hutt jo awer och gesinn, dass net all Dispositionen och eng Majoritéit an der Kommissioun fonnt hunn. Ech ginn dovun aus, wa se keng an der Kommissioun fannen, dass et och schwierig ass an der Chamber eng Majoritéit dofir ze fannen.

Am Generellen, mengen ech, misst ee soen, dass déi Aarbecht, déi mer ugefaangen hunn, awer e gewëssene Succès hat. Ech géif och heimat alle Memberen – alle Memberen! - vun der Kommissioun merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hoffen, dass déi Zesummenaarbecht sech dann och am Vote hei néierschléit.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Alex Bodry ageschriwwen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de President vun der Kommissioun huet de Membre merci gesot. Ech géif de Merci och gären erëmginn un de President vun där Kommissioun, den Här Meyers. Et war eng flott Zesummenaarbecht an deene leschte fënnef Joer, och wann dat, wat d'Regierung sech als Ambitioun eigentlech virgeholl hat 1999 - eng nei Verfassung, eng nei modern Verfassung fir Lëtzebuerg, mat engem Referendum natierlech -, wéi Dir elo haut feststellt, net wouer ginn ass an deene fënnef Joer.

Dat war net d'Schold vun der Opposition. Mä dat war, mengen ech, esou, dass och déiselwecht Majoritéitsvertreeder an der Kommissioun net iwwerzeegt ware vun der Richtigkeet vun deem, wat d'Parteichefen an de Koalitionsverhandlungen ausgemaach hunn. Dobäi ass et dann och bei der Neterfëllung vun deem dote Regierungsprogramm bliwwen.

Mir haten awer vill Sitzungen. Et ass vill an och, mengen ech, seriö an an engem awer frëndschafleche Geescht geschafft ginn iwwert déi lescht fënnef Joer. Et bleift awer, dass mer net schrecklech vill eigentlech un eiem Verfassungstext geännert hunn an och hei maache mer nëmmen eng hallef Aarbecht, an deem Sënn, dass et nëmmen eng éischt Lecture ass an dass déi nächst Chamber deeselwechten Text nach eng kéier muss stëmmen.

Et bleift, dass, wann een de Bilan zitt, mer eigentlech zwee méi wesentlech Punkte vun der Verfassung ugaange sinn. Dat ass éischstens mol de Modus vun der Revision vun der Verfassung, wat eigentlech mat de wichtigsten Text ass - Wéi kann eng Verfassung erëm ëmgeännert ginn? -, wou mer, mengen ech, nei Weeër gaange sinn, wou mer et vereinfacht hunn op där enger Säit, op där anerer Säit awer och d'Méiglechkeet vun engem direkte Matsproocherecht vun der Bevölkerung mat agebaut hunn. Dat ass - mengen ech - och richtig esou.

Hei ass elo déi zweet wesentlech Verännerung vun der Verfassung, vun eppes, wat haaptsächlech d'Regierung geplot huet, muss een och soen. Et ass eigentlech d'Exécutive, déi gehäit war iwwert déi lescht Jore mat eiser Cour constitutionnelle an der Interpretation, déi eis Cour constitutionnelle gemaach huet vun eiem Verfassungsrecht.

Et ass, mengen ech, dat agetratt, wouvur e puer Leit - zu deenen ech mech bescheidenersweis zielen - gewarnt hate sengerzäit bei der Schafung vun der Kontroll vun der Verfassungsméissegkeet vun eise Gesetzestexter iwwer eng Cour constitutionnelle. Et ass dat agetratt, wat ee konnt fäerten. Dat heescht, dass d'Cour constitutionnelle eigentlech dee Wee geet an eng wuertwärtlech Interpretation vun der Verfassung an eng relativ enk a restriktiv Ausleeung vun der Verfassungstexter mécht.

Dat geet e bësse wéi e Fil rouge duerch déi eenzel Décisionen, déi eis Cour constitutionnelle scho geholl huet, an dat war op eng fracsant Aart a Weis an deem heiten Domän de Fall an der Fro vun der Interpretation vum Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc. De Président-rapporteur huet ëmmer insistéiert op de Grand-Duc; et muss een awer soen, dass dee Pouvoir natierlech vun der Regierung am Numm vum Grand-Duc exercéiert gëtt. Mä och hei, wéi gesot, gëllt d'Regel vum Contresein ministériel. Wann de Grand-Duc net ee Regierungsmember fënnt, deen de Règlement grand-ducal contre-signéiert, da gëtt et kee Règlement grand-ducal, sou dass een awer och an der Praxis ëmmer deen heiten Text muss liesen.

Hei geet et och ëm eng ganz kruzial Fro an enger parlamentarescher Demokratie, an zwar ëm déi sensibel Matière, wéi wäit de Pouvoir vun der Législative vum Parlement reecht a wéi wäit de Pouvoir vun der Exécutive geet, notament och bei der Exekution vu bestëmmte Gesetzestexter duerch d'Chamber?

Dat huet an der institutioneller Geschicht, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä an alle Länner, fir munch opgeregten Diskussiounen a munch Konflikter gesuergt. Mir hunn et awer eigentlech, mengen ech, mat der néideger Sérénitéit fäerdeg bruecht, un deen u sech dach ganz sensibelen Dossier vun der Délimitation vun der Sphère de décisions vum Parlement a vun der Exécutive vun der Regierung hei erun ze goen.

Wéi gesäit elo déi Léisung aus, déi schlussendlech vun der Kommis-

sion zrëck behale ginn ass, wou ech gären agestinn, dass mer an eenzelne Punkten net zu 100% zefridde si mat deem heiten Text, wat eis awer net dozou wäert verleen, fir géint déi heite Propositionen ze stëmmen?

Wat sinn déi Punkte mat deene mir zefridde sinn a wat sinn déi Punkte wou mir manner zefridde sinn? Ech mengen, wat gutt ass, dat soll een direkt soen an dat ass, dass mer hei endlech déi leedeg Fro vum Vollmachtgesetz geregelt kréien. Wann d'Chamber och nach an enger zweeter Lektür am Hierscht dëst Joer deen heiten Text bestätegt, da wäert déi Dezemberdiskussion eriwuer sinn, wou mir all Joers der jeeweileger Regierung fir ee Joer Vollmachten ginn, wa gewësse Konditioneuren erfüllt sinn, fir da Reglementer ze huelen, wou normalerweis eigentlech de Législateur hätt missten täteg ginn.

Hei gi mir an eng aner Richtung an zwar fir déi Méiglechkeet eigentlech ouni zäitlech Aschränkung virzeschreien. Dat heescht, an Zukunft ass et esou, dass d'Regierung, wann Urgence virläit an am Fall vun engem internationale Konflikt - dat schéngt mir ganz wichtig ze sinn, et muss eng Crise internationale virleien - also kann dohinner goen a schnell iwwer e Reglement Dispositioneuren huelen, déi normalerweise eigentlech vum Législateur senger Kompetenz sinn. Mä wat wichtig ass, ass, dass déi dote Méiglechkeet an deem Sënn zäitlech ageschränkt ass, dass dat Reglement, wat d'Regierung dann an Urgence hält, nëmmen eng Liewensdauer huet vun dräi Méint. Gëtt et bannent deenen dräi Méint net duerch e Gesetz confirméiert, da verfält dat Reglement, wat d'Regierung an där Noutsituation do geholl huet. Dat gëtt eis Satisfaktion, dat entsprécht och grosso modo deem, wat et och an anere Länner a vergläichbaren demokratesche Systemer op deem dote Punkt gëtt, och wann ech natierlech déi Dezemberdiskussionen wäert an Zukunft vermessen.

Deen zweete Punkt, deen eis Satisfaktion gëtt, dat ass, dass mer op Grond vun deem méi rezenten Uerteel vun der Cour constitutionnelle och Kloeerheet schafen an op där enger Säit gewësse liberale Beruffer, déi sech intern organiséieren, d'Méiglechkeet ginn, wann de Législateur dat esou virgesäit, fir sech intern Regeln ze ginn, déi sech dann an deem Berufsstand imposéieren. Dat gëllt fir d'Affekten, dat gëllt fir d'Dokteren, fir d'Architekten an all méiglech aner liberal Beruffer, dat gëllt och vläicht eng kéier fir d'Journalisten - dat ass jo eng Fro, déi mir nach wäerte muer hei an der Chamber diskutéieren.

Ech mengen duerch déi Décisionen vun der Cour constitutionnelle sinn do immens Schwierigkeiten an der Praxis entstanen, well do eng jorzéngtelaang Tradition eigentlech vum Gericht als illegal erkläert ginn ass an et ass also elo, mengen ech, eng gewëssen Urgence do, dass hei an der Verfassung eng zolitt Basisgrondlag geschafe gëtt, fir kennen an Zukunft deene liberale Beruffer do och d'Méiglechkeet ze ginn, sech selwer ze reglementéieren, wann de Législateur dat esou wëllt an och nëmmen an deene Limiten, déi vum Législateur festgehalen ginn.

Datselwecht soll och wouer si fir d'Établissements publics; dat war de President selwer, deen déi Initiativ geholl huet, fir och deen dote Gesichtspunkt hei mat eran ze huelen. A verschidden auslännesche Verfassungen gëtt et och ähnlech Modellern, wou also och elo kloer ass, dass, wann de Législateur dat esou wëllt, dass dann och kann en Établissement public an deene Grenzen, ënnert deene Konditioneuren, déi am Gesetz festgeschriwwen sinn, intern Regeln erloossen, déi da bindende Charakter hunn an deem dote Beräich vum Établissement public. Dat schéngt mir also eng ganz nütz-

lech Aarbecht ze sinn an an där dote Matière ass och gutt Viraarbecht vum Conseil d'État gelescht ginn, sou dass mir hei och kennen Neel mat Käpp maachen.

E bësse méi Problemer hunn ech mam Règlement ministériel a mat enger zevill staarker Opweechung vun der Notion vum Domaine réservé à la loi par la Constitution. Do muss mer oppassen, dass mer net eis Constitution selwer an hirer Substanz hei total an eenzelne Punkten zerstéieren, andeem mir dat dote géife wëlle gläichschalten an eigentlech net méi vun engem regelrechten Domaine réservé à la loi schwätzen, well da kënnte mer eng Retsch vu Sätz aus eiser Verfassung eraus huelen, dann hätten déi eigentlech guer kee Sënn méi. Dofir si mir also e bësse méi kritesch, wat d'Formuléierung ugeet, déi schlussendlech zrëckbehalen ginn ass, ënnert dem Drock um Enn vun der Period an e bëssen och ënnert dem Drock vum Statsrot, sou dass mir also do eng Rei Bedenken hunn.

Wat sinn déi Bedenken? Ee Bedenken ass deen, dass mir eis mussen eens sinn, dass Règlements grand-ducaux sécherlech néideg sinn, dass Règlements grand-ducaux och an Domäne kennen néideg sinn, wou d'Verfassung seet, dass dat eigentlech eng Matière ass, wou misst normativ iwwer e Gesetz verfuert ginn. Mä bis elo war et no der Jurisprudenz esou, dass dat eigentlech nëmmen technesch Detailer waren. D'Jurisprudenz vun der Cour constitutionnelle a vun eise Verwaltungsgerichter gesäit an deem Sënn esou aus, dass am Domaine réservé à la loi par la Constitution de Pouvoir réglementaire, dat heescht de Grand-Duc, ka Reglementer huelen, mä dat sollen eigentlech nëmmen Detailfroen sinn, déi dann iwwert de Règlement grand-ducal behandelt ginn.

Hei gëtt elo eng Formule iwwerholl, déi dat doten net esou erëmgëtt. Hei gëtt net méi vun Detailfro geschwat, mä hei gëtt gesot, wann d'Gesetz selwer dat virgesäit, dann ass dat méiglech; dat kënnten à la rigueur och net nëmmen technesch Detailfroen sinn. Mir ginn also hei liicht méi wäit wéi d'Jurisprudenz haut vun eiser Cour constitutionnelle an eise Verwaltungsgerichter ass, an ech hoffen, dass mir an där dote Méiglechkeet, déi d'Exécutive an Zukunft iwwert dee Verfassungstext kritt, net e Schratt ze wäit ginn.

Op jidde Fall muss d'Chamber vigilant bleiwe wa se hei iwwer Texter ofstëmmt an ëmmer kloer virun Aen hunn, dass muss verhénnert ginn, dass hei an der Chamber just nach reng allgemeng Kadergesetzer ofgestëmmt ginn, wou dann awer eigentlech d'Texter herno mat Liwene erfüllt ginn duerch Décisionen, duerch Reglementer, déi vun der Regierung respektiv vun eenzelne Ministere geholl ginn a wou d'Chamber net ëmmer weess, a wat fir eng Richtung dass d'Regierung wëllt goen.

Mir haten och grad dës Woch vill Beispiller vun Texter, wou wichtig Règlements grand-ducaux am Gesetz virgesi sinn, wou awer déi Texter vun deenen ausféierleche Bestëmmungen vun der Chamber bei der Décision iwwert de Gesetzestext net virlougen. Nach geschäit bei der Diskussioun iwwert d'Gesetzesprojeten iwwert d'nohaltig Entwécklung ass d'Regierung am leschte Moment higaangen an huet d'Zesummesetzung vun deenen zwee Gremien, déi an deem Gesetz virgesi sinn, net méi an de Gesetzestext erageschriwwen, mä huet gesot, dat gëtt iwwer e Reglement grand-ducal festgeluecht.

Den Text vum Règlement grand-ducal loug awer net emol als Projekt vir, sou dass d'Chamber eigentlech net weess, wat d'Regierung an där dote Matière wëlle huet an dat ass, mengen ech, eng Aart a Weis wéi een net sollt verfuere, an ech hoffen also, dass dat do elo net

systematesch wäert geschéien an dass een do ganz virsiichteg ass. A wa wichteg Froen, déi iwwert den Detail erausginn, an Ausféierungsbestëmme solle geregelt ginn, dass dann awer d'Chamber en connaissance de cause ass vun der Grondausrichtung vun deenen Ausféierungsbestëmmungen, soss - mengen ech - brauch een net méi vill Zäit op Debatte ronderëm d'Gesetzestexter ze verwenden.

En zweete Punkt, dee mer méi kritesch kucken, ass dee vum Règlement ministériel. Ass et néideg, dass niewent der Regierung oder no der Regierung och nach en eenzelne Minister nëmmen Detailfroe regelt a sengem Zoustännegkeetsberäich. Och do muss et kloer sinn, dass dat muss d'Ausnahm bleiwen. Et dierf net sinn, dass d'Chamber an engem Gesetz dem Grand-Duc, lies der Regierung, de Pouvoir gëtt fir d'Bestëmmungen ze detailléieren, an dass dann d'Regierung an deem Règlement, wat si hält, déi sämtlech Pouvoir géif zum Beispill un en eenzelne Minister weiderginn. Dat wär eigentlech contraire zum Esprit zumindest vun der Décision vun der Chamber, esou dass also villes vun deem wat sech hei deet dovunner ofhänkt, wéi d'Praxis wäert ausgesinn, wéi wäit déi nei Bestëmmunge mat deem néidege Fangerspëtzegefill wäerte vun der jeeweileger Regierung applizéiert ginn, am Respekt vun de Prerogative vum Parlament a mat der Noutwendegkeet och fir natierlech dofir ze suergen, dass d'Texter och kënnen um Terrain applizéiert ginn.

No menger Interpretatioun, an ech wär frou, wann ech do awer kënn Sukkurs kréie vum Rapporteur, ass et esou, wann ech den Text liesen, dass de Règlement ministériel net méiglech ass an dem Domaine réservé à la loi. Dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn; dat geet net 100%eg kloer aus den Texter ervir. Dat schéngt mer eng ganz wichteg Fro ze sinn, dass dat kloggestallt ass, well soss huet déi Notioun vum Domaine réservé à la loi guer kee Sënn méi. Et muss also esou sinn, dass an där dote Matière an Zukunft et muss méiglech sinn, dass e Règlement grand-ducal och an engem Domaine réservé à la loi ka geholl ginn, mä et dierf net sinn, dass an esou engem Domän, wou d'Constitution seet, d'Gesetz muss déi dote Matière bestëmmen, ee Minister ka Bestëmmungen huelen. Dat kann net sinn, well soss kann een déi ganz Theorie vum Domaine réservé vergiessen, dann huet déi guer keng Substanz méi, an dat wär, mengen ech, dramatesch fir den Opbau vun eise ganze Rechtssystem an dem normative System hei zu Lëtzebuerg.

M. le Président. - Här Bodry, ech wollt lech froen, ob den Här Meyers lech kënn eng Fro stellen?

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech wär frou wann den Här Meyers géif Stellung bezéien.

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, ech wollt am Fong geholl keng Fro stellen, mä soen, dass, esou wéi den Text agencéiert ass, stinn déi Pouvoiren, déi de Grand-Duc kritt «dans la matière réservée à la loi par la Constitution» ënnert dem Artikel 32. Dat sinn also Pouvoiren, déi nëmmen de Grand-Duc kritt, «parce que tous les pouvoirs sont d'attribution» an déi, déi «d'attribution» sinn, kann en net weider ginn. Dat ass op jidde Fall och déi Interpretatioun, déi ech deem doten Artikel géif ginn.

Esou wéi och net en matière d'urgence e Règlement grand-ducal kënn geholl ginn, well déiselwecht Fro kéint sech och do stellen, wann en cas d'urgence, en cas de crise internationale, e Règlement grand-ducal geholl géif ginn, dass de Grand-Duc géif soen, ech huelen nëmmen e Kaderreglement, an d'Regierung hält Règlements ministériels en matière d'urgence. Dat geet net. Déi Pouvoiren hei

sinn «d'attribution», esouwuel en matière d'urgence, wéi och d'Matière réservée à la loi par la Constitution.

M. Alex Bodry (LSAP). - Bon, ech si frou ze héieren, dass mir déiselwecht Lecture vun den Texter hunn. Ech mengen, et ass wichteg, dass och keng Onklorheet an deenen dote Punkte soll opkommen, dass et essentiell ass, dass mer als Chamber déiselwecht Interpretatioun vun deem Text hunn, dee mir eis wellen an deenen nächste Minutte stëmmen. Dat berouegt mech an deem dote Sënn. Et bleift, wéi gesot, dass do nach Diskussiounen op sinn, mä global sinn ass dat hei awer e Schratt, deen an déi richteg Richtung geet. Mir wellen net pingelech sinn op eenzelnen Detailformulationen. Et ass wichteg, dass de Stat flexibel bleift, fir d'Gesetzestexter kënne praktesch unzewenden, dass mer do net schwéierfällg kënnen agéieren, dass mer eis déi néideg Mëttele gi fir Rechtssécherheet op där enger Säit ze hunn, awer och relativ schnell Prozeduren op där anerer Säit ze hunn, fir dass - wat an engem Rechtsstat wichteg ass - d'Norme kënnen uerdentlech um Terrain applizéiert ginn. Déi Zilrichtung ass do, déi hu mer gemeinsam gedroen, mir hu se gemeinsam definéiert, an dofir wäert och d'sozialtesch Fraktioun deen heiten Text stëmmen.

Merci.

M. le Président. - Merci, Här Bodry. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Simone Beissel ageschriwwen. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll natierlech och fir d'éischt dem Rapporteur Paul-Henri Meyers merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréffleche Rapport an dëser Matière, déi relativ komplizéiert ass.

Et ass hei schonn op der Tribün gesot ginn, mä mat dëse Verfassungännerungen, déi mir haut huelen, wäert eist Verfassungsrecht, esou wéi et scho laang besteet, ech géif menge scho säit iwwer 155 Joer, fundamental ofgeännert ginn. Et war dofir och wichteg, dass mir dës Ännerungen am Detail an der zoustänneger Kommissioun virbereet hunn. Dofir wäert ech och net méi op all Detail agoen. Meng Virriedner hunn dat scho gesot. Ech mengen, et ass Knachenaarbecht gemaach ginn an der Verfassungskommissioun an hei kënnen mir lech elo haut d'Resultat presentéieren.

Mir hunn eis nämlech net mat minimalen Emännerungen zefridde ginn, mä duerch déi heite Changementer gëtt de Pouvoir réglementaire an all senge Formen nei geregelt a virun allem nei organiséiert. De Rapporteur ass schonn am Detail op déi Modifikatiounen agaangen. Dofir wëll ech mech kuerz halen.

D'Problemer, déi iwwer Joren opgetaucht sinn an déi mer op de Métier geholl hunn, sinn éischters de Pouvoir réglementaire; dat ass eng exklusiv Prerogativ vun eise Groussherzog. Hien exekutéiert déi Attributioun am Aklang mat der Verfassung an eiser Lëtzeburger Gesetzgebung. Wat d'Urspréng vun dem Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ugin, si se duabler Natur. Deen éischten ass dee vum Droit commun a gëtt ofgeleet vun den Artikele 36 a 37, Alinéa 4 vun der Verfassung, an déi zweet Source kënn vun den Artikelen 32, Alinéa 3 an 33 vun der Konstitution.

Zweetens, haut gëtt endlech duerch dës Verfassungsännerung de Problem vun de Lois habilitantes oder de System vun de Pouvoirs spéciaux geléist. Dir kënn lech erënneren, ech hu schonn öfters op dëser Tribün zu deem Problem geschwat. Mir kennen all de Pro an de Contra, deen d'Majoritéit

an d'Oppositioun a Saache Pouvoirs spéciaux ëmmer hei vum Stapel gelooss hunn, an et ass gutt, dass mir elo eng Léisung fonnt hunn an engem gudde Sënn.

Awer och de Stellwäert vun de Règlements ministériels gëtt endlech gekläert. Do wor jo duerch d'Arrêté vun eise Verfassungsgerichter e bestëmmten Nohuelbedarf. De Rapporteur ass schonns am Detail op déi verschidden Décisionen agaangen. Deemno war méi wéi genuch Matière do, fir eng Verfassungsännerung an deem Domän ze maachen, an ech fanen, dass mir mat deenen heiten Dispositiounen déi verschidde Problemer net nëmme beschtméiglech, mä wierklech richteg geléist hunn.

Ech wëll nach ganz kuerz op déi verschidden Ännerungen agoen. Dat Éischt ass d'Pregorativ vum Grand-Duc oder d'speziell Virrecht. De Grand-Duc als Chef d'État soll de Pouvoir exécutif no der Verfassung an eiser Législatioun ausféieren. Hie brauch dofir Vollmachten, déi him erméigleche fir all Moossnamen ze huelen, fir d'Gesetzter ze exekutéieren. Deemno, an ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen, well et war fir eis e wichtige Punkt an eisen Diskussiounen an der Kommissioun, soll de Règlement grand-ducal d'Ausféierungsmesure par excellence bleiwe vun de Gesetzter.

Dat Zweet betrëfft déi Matière, déi dem Gesetz reservéiert sinn, an dann doniewent d'aussergewöhnlech Vollmachten. Do wor jo als éischt ze klären, ob fir d'Matière réservée à la loi de Grand-Duc nëmme kënn Reglementer an Arréten huelen, ech zitéieren: «dans les conditions et suivant les modalités spécifiées par la loi».

Den zweete Problem war jo dee vun de Lois habilitantes oder Autorisatiounsgesetzter. Dir wësst, mir hunn an der Kommissioun an och ëmmer all Joer ëm Chrëschttag dës Matière a Problematik des Laangen an des Breeden diskutéiert.

Drëtzens, wat de Problem vun de Règlements ministériels ugeet hate mir an der Kommissioun um Ufank festgehalen, dass ee kënn envisagéieren, de Règlement ministériel engem Règlement grand-ducal gläichzestellen. Et huet mer awer vum éischte Moment u Kappzerbrieche gemaach, well ech hat domat meng Problemer an ech war frou, wéi de Statsrot dunne sengem Avis proposéiert huet, fir de Pouvoir réglementaire ministériel, entre Guillemets, ze gesi wéi e Pouvoir, deen de Grand-Duc delegéiert huet. Domat kann ech liewen, an ech si frou, dass mer déi Solutioun elo zréckbehalen hunn.

Véiertens, d'Reglementer vun den Organes professionnels a gewesenen Établissements publics, dat ass eng grouss Verbesserung fir alleguerten déi professionell Korporatiounen, déi d'lescht Joren op engem relativ onstabile Standbee mat Momenter intern Reglementer geholl hunn, déi effektiv keng seriö Base légale haten. Mat deem heite System kënnen mer dat elo endlech regulariséieren, an ech mengen, dat ass am Intérêt vun all deene betraffene Korporatiounen an notamment vun de liberale Beruffer. De Statsrot huet de Problem a sengem Avis complémentaire vum 16. Mee 2004 opgeworf a kommentéiert, a mir sinn an der Kommissioun do sengem Avis gefollegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu schonn am Ufank gesot, dass duerch déi Ännerungen, déi mer hei huelen, eisen Droit constitutionnel no 156 Joer an enger bestëmmter Richtung a Saache Pouvoir réglementaire grondleeënd geännert gëtt. Et ass u sech e bësselche schued, dass

mer dat elo déi lescht Deeg hei maachen, well et wär nach munch aneres ze soe gewiescht, mä ech mengen d'Technique législative, déi an dësem Projet ugewannt gëtt, ass an der Rei, an dofir ass jo d'Resultat wat zielt. Déi Changementer si wichteg, mir moderniséieren eist Verfassungsrecht am Intérêt vum ganze System, am Intérêt vun der Clarificatioun a vum Versteesdemech, an ech menge mir hunn hei an dësem Projet déi richteg Décisioun geholl.

Ech wäert dëse Projet stëmmen, soen lech merci a bréngen an engems den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président. - Merci, Madame Beissel. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, fir d'éischt e puer Wierder vu Merci un de Rapporteur fir seng excellent mëndlech a schréfflech Ausféierungen. Mä awer och e Merci un de Président vun der Commission des Institutions, well en ons Debatten an der Kommissioun excellent geleet huet. Ech wollt em vun hei aus merci soe fir déi gutt Aarbecht.

Et ass evident, dass een an der Commission des Institutions ganz oft a vill a laang diskutéiert huet an dass een et dann herno awer net onbedéngt fäerdeg bruecht huet, an alle Punkten en Text erauszekréien. Et ass och net einfach well ee gesäit, dass, wann een eng Cour constitutionnelle huet, an déi huet en Texte de base op dee se sech baséiere kann, dann huet se natierlech eng Tendenz fir deen esou auszeleeé wéi si et fir richteg féinnt. An déi richtig Ausleeung ass nun eben déi wéi et am Text steet, wéi et kloer ass, an net wäitleefeg Ausleeungen, déi net deem entspriechen wat mer am Text nidergeschriwwen hunn. Ech mengen, wann een déi Optioun vun der Cour constitutionnelle, vum Verfassungsgericht kennt, da weess een och, dass ee bei der Redaktioun vun den Texter muss oppassen.

Wat elo déi virleiend Virschléi ugeet, esou mengen ech, dass et richteg ass, dass een iwwert déi Prozedur vun der Loi habilitante, dem Vollmachtegesetz, dat zu laangen Debatten hei an der Chamber gefouert huet, ewechkommen an elo der Regierung erlaben, en fait esou Mesuren ze huele während enger Zäitdauer vun dräi Méint, an duerno muss entweder e Gesetz komme respektiv muss versicht ginn, fir déi provisoersch Gesetzgebung dann op en Enn ze bréngen.

Dat wat am meeschten Diskussioun bréngt, ass déi vun dem Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc, lies an dësem Fall vun der Regierung. D'Chamber kritt duerch dës Gesetzgebung eng wichteg Roll ze spillen, méi wichteg wéi nach an der Vergaangenheet. Et kann net esou sinn, dass eng Regierung hi-geet an iwwert d'Règlement-grand-ducalen all Méiglech an eng Gesetzgebung erabréngt, vun där de Législateur näischt weess. Beispill: Doduerjer dass een iwwer e Règlement grand-ducal integral Direktiven an ons Gesetzgebung erabréngt, wéi dat an der Zäit bei dem Marchés-publics-Gesetz de Fall war; dat bréngt herno onméiglech juristesche Situatiounen, wou een net méi weess ob d'Gesetz de wichesten Text ass oder de Règlement.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat Wichtegst ass, dass déi groussherzoglech Reglementer, déi geholl ginn, Mesures d'exécution si vum Gesetz an dass et net doriwwer erausgeet, dass et nëmmen an deem Kader ass. Dat bedéngt natierlech och, dass mir an der Chamber d'Responsabilitéit hunn, fir am Gesetz déi Mesuren, déi Marges de manoeuvre festzeleeën,

déi d'Regierung zougestane kritt am Kader vum Gesetz. An dat be- deit natierlech relativ vill Aarbecht. Do muss ee ganz gutt oppassen, dass een der Regierung net ze vill gëtt, mä do hu mir als Chamber eng Responsabilitéit matzedroen. Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dëse Propositione ginn.

M. le Président. - Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRENG). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert hei net op den Inhalt vun der Proposition de révision agoen, déi hei virgeschloe ginn ass. Aner Leit sinn do mengen ech méi kompetent wéi ech fir dat ze maachen. Ech wëllt just op den Artikel 11 ze schwätze kommen, dee jo hei och viséiert ass, an et dämmert lech vläicht schonn ëm wat et mer hei geet.

De Conseil d'État huet nom Verfassungsuerteel jo d'Fro opgeworf gehat, ob den Artikel 11, Paragraph (6) iwwert d'Liberté des commerces vun der Constitution net misst ergänzt ginn, fir déi reglementaresch Funktiounen vun den Organen vun de Professions libérales an der Verfassung festzehalen. Doropshin huet d'Kommissioun dann och zwee Alinéae bäigesat, déi mer haut mat deenen aneren Texter votéieren. D'Chamber ass schonn zënter 1999 mat där gesamter Thematik befasst. Dee leschten Avis vum Conseil d'État ass awer eréischt Mëtt Mäerz vun dësem Joer erakomm.

Et ass interessant ze gesinn, dass dës Problematik, déi jo ganz kloer hir Wichtigkeet an hir Drénglechkeet huet, elo nach hei duerch dës Chamber geet, während déi méi global Reform vum Artikel 11, un där d'Commission des Institutions zënter zéng Joer schafft, virun enger Woch definitiv buede gaang ass. Déi hätt nämlech och eiser Meinung no eng gewëssen Drénglechkeet gehat an do gëtt och scho relativ laang dru geschafft. Do sollten nämlech wichteg Punkten an den Artikel 11 iwwert déi perséinlech Fräiheeten ageschriwwen ginn.

Deen éischten ass dee vun der Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer, well ech wëllt hei och nach drun erënneren, dass schonn 1995 ech selwer eng Proposition de révision an deem Sënn gemaach hat, nodeem sech den Här Garcia schonn an där Legislaturperiod virdru fir en Aschreiw vum der Chancëgläichheet staark gemaach hat. An där Proposition hat ech och scho souwuel d'Gläichheet wéi och den Oprag vum Stat fir déi Gläichheet ze suergen ageschriwwen. D'Commission des Institutions huet sech duerno dunne ënert dem Här Biltgen senger Présidence dëser Fro ugehall an huet op deenen Texter geschafft. Leider huet déi Textproposition, déi deemools - ech mengen dat war och knapps virun de Wahlen 1999 - festgehal ginn ass, keng Gnod vum Statsrot fonnt.

Déi nächst Kommissioun ënnert dem Här Meyers huet dunne nach eng Kéier zwou Textproposen un de Statsrot ginn. Menger Meinung no war déi zweet och déi wäitgehendst an déi besch. Déi hei krute mer leider kuerz viru Schluss en negativen Avis. Et wär awer duerchaus méiglech gewiescht, wa mer eise Courage zesummegehall hätten, fir iwwert déi Avisé vum Statsrot ewechzegoen an deen Text, dee jo eigentlech e Konsens-text war, hei ze stëmmen.

Mä Dir wësst et alleguerte schonn, virun enger Woch huet sech d'DP aus deem Konsens verabschit, dee mer do fonnt haten, an dat anscheinend mat der unanimer Zoustëmmung vun hire weiblechen Deputéierten an hire Ministerinnen. Dat ass ëmsou méi erstaunlech, Här President, well dee leschte Rapport pour avis vun der Chancëgläichheitskommissioun, deen de

27. Abrëll datéiert ass, also zéng Deeg virdrun, unanime d'Chamber opfuert, fir déi lescht Textversioun vun der Institutionskommissioun ze stëmmen.

Do muss ee sech jo dann awer och Froe stellen, well d'DP jo och an der Chancëgläichheetskommissioun vertrueden ass, wéi dann do déi Unanimitéit zustane komm ass, déi herno op eemol ganz kloer net méi do wor. Mä bon, dat muss dann d'DP vläicht mat sech selwer ausmaachen.

(Interruptions)

Här President, et sollten nach aner wichteg Reforme gemaach ginn. Dat eent wor de Schutz vum Privatliewen, dee sollt an den Artikel 11 ageschriwwen ginn. Dat anert wor d'sozial Integratioun vun den handicapéierte Leit. A last but not least den Emweltschutz, wou mer och laang iwwer en Text gestridden hunn, wou och schonn 1994, mengen ech, déi éischt Texter virlouchen a wou awer eigentlech e ganz gudden Text an der finaler Versioun zustane komm wor, deen du jo och bei de Statsrot gaangen ass. An hei wor et dunn awer eng aner Partei, nämlech d'CSV, déi an där berüchtgter Kommissiounssetzung vum 4. Mee op eemol ëmgefall ass a fonnt huet, deen Text géif hir ze wäit goen an aus dem „l'Etat garantit“ wollt se nach just e „veille à garantir“ maachen, sou datt mer och hei den noutwendege Konsens net méi haten.

Här President, mir haten awer donieft och nach eng Diskussioun ronderëm den Déiereschutz an der Verfassung. Och hei haten déi Gréng am Juli 2002 d'Initiativ geholl fir en Text ze proposéieren. Och déi aner Parteien hu Propose gemaach, well se anscheinend net wollten op där grénger Proposition schaffen. Et sief. Op alle Fall louchen hei Texter vir an et ass dunn och décidéiert ginn, dass den Déiereschutz net sollt an den Artikel 11 kommen, mä als Zousazartikel hannernt de bestehenden Artikel 11 derbäikommen. An hei, grad wéi bei deenen anere Punkten, déi ech elo opgezielt hunn, gëtt et anscheinend och keng Urgence fir ze handeln, well och hei leescht sech also dës Chamber et, fir am Joer 2004 ëmmer nach déi Punkten net an hirer Verfassung ze verankeren. Dat heescht also, datt mer op déi nächst Legislaturperiod musse waarden, an och do ass et guer net sécher mat deene Majoritéitsverhältnisser, déi et aktuell gëtt an déi wahrscheinlech nom 13. Juni och net esou vill anescht wäerte sinn, dass mer hei e Stéck virukommen.

Lëtzebuerg steet also net nëmmen a Saache Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer, mä och a Saachen Emweltschutz, a Saache sozial Integratioun vun den Handicapéierten a schliesslech och am Beräich vun dem Déiereschutz, wat den Ankrage vun deene wichtige Punkten an der Verfassung betrëfft, ganz schlecht do. An et gi sécherlech och eng Rei vu Konventionen, ech denken do haaptsächlech un d'Chancëgläichheet, déi eis soen a gesot hunn, dass mer dat dréngend misste maachen. Déi Urgence ass hei leider net unerkannt ginn. Ech wëllt och op dëser Plaz meng perséinlech Enttäuschung doriwwer ausdrécken, well an deenen zéng Joer, wou ech hei an deem Parlament matgeschafft hunn, hätt ech mer wierklech gewënscht kënnen derbäi ze sinn, fir d'Reform vum Artikel 11 matzëerliewen.

(Interruptions)

■ **Une voix.**- Mir wiere frou wann Der nach hei wiert.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Dat ass ganz schéi vun Iech. Mä ech erliewen dat dann ebe vu bausse. Ech weess just net, ob Dir et esou gutt macht, wéi ech et gemaach hätt.

■ **Plusieurs voix.**- Oh!

■ **Une voix.**- Mir wäerten eis Méi ginn, Madame Wagener.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, wéi gesot, ech hätt dat gär nach materielle. Fir de Rescht wëll ech awer soen, datt ech et ëmsou méi schued fannen, datt mer awer an der Institutionskommissioun iwwer laang Strecken eng gutt Zesummenaarbecht haten an dass déi gutt Ambiance, an och sachlech Ambiance, zu ganz groussen Deeler hirem President ze verdanken ass.

Ech soen Iech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net üblech, datt zu Texter vun der Verfassung an zu Verfassungsrevisiounen d'Regierung Stellung hëlt. Dat ass awer beim Artikel 36 vun der Verfassung ganz sécher anescht an et ass och dofir, wou d'Regierung scho virun enger längerer Zäit och schréftlech Stellung zum Artikel 36 geholl huet. Well do geet en en fait ëm de Fonctionnement vun der Regierung. Et ass dofir, mengen ech, logesch a gutt, trotz allen institutionelle Prerogative vun der Chamber am Beräich vun der Verfassung, datt d'Regierung sech dozou ausdréckt.

Deen Text, deen de Mëtten der Chamber virläit an dee schéngt, no deenen Debatten, déi mer elo grad verfollegt hunn, hei zu enger ganz breeder Zoustëmmung ze féieren, ass aus der Siicht vun der Regierung op zwee Punkten eng wesentlech Verbesserung.

Deen éischte Punkt ass deen, datt mer de Pouvoir réglementaire fir d'Ministeren erëmkreien, géif ech soen. Erëmkreien an deem Sënn, datt laang Zäit an deem Land d'Regierungen, d'Ministere konnten iwwer Règlements ministériels fueren, obschonns datt déi no enger Lecture vun der Cour constitutionnelle - mä déi ass et jo fréier net ginn, déi hu mer jo réischt geschaffen - Ausféierungsbestëmmunge vu Gesetzter maachen. Ech mengen, datt et zu enger Verbesserung, zu enger Vereinfachung an zu enger Verschnellerung vun der Fassong, wéi mer légiférieren a wéi mer regéieren, féiert, wann d'Ministere kënnen iwwer Règlements ministériels technesch Detailer regelen.

De Fait, datt mer a leschter Zäit hu missen iwwer e Règlement grand-ducal fueren, war en fait näischt anescht, wéi dass mer déi Texter och nach hu missen duerch de Regierungsrot an a verschiddene Fäll duerch de Statsrot goe loossen, wat awer bei ganz techneschen Ausféierungen d'Maschinn vun dem Régéiere lues gemaach huet, iwwerméisseg bürokratesch an och näischt Zousätzlech bibruecht huet.

Heifir begréisst mer ausdrécklech, datt hei am Text vun der Verfassung de Pouvoir réglementaire fir d'Ministeren zréckkënnert an deene Fäll wou d'Gesetz respektiv de Règlement grand-ducal et virgesäit. All déi Texter, wou do steet „de Grand-Duc“, dat ass also d'Regierung, wou de Règlement grand-ducal et virgesäit, kann an Zukunft de Minister dat iwwer Règlements ministériels maachen. Dat begréisst mer.

Zweetens begréisst d'Regierung ausdrécklech, datt mer endlech elo an der Verfassung e modernen Text hu wat d'Regierung ka maachen am Fall vun enger internationaler Kris, wou et eng Urgence gëtt. D'Habilitatiounsgesetz, wat Är Chamber eemol d'Joer gestëmmt huet, a wat nach nëmmen an ekonomeschen a finanzieller Matière gespillt huet, wou et ganz reell Froen iwwert d'Rechtskräftegkeet vun deenen Texter ginn ass, be-

sonnesch am strofrechtleche Beräich, huet esou vill Froen opgeworf, datt et héchstwahrscheinlech der Regierung et net méiglech gemaach hätt, an enger internationaler Kris mat deene richtege Rechtsinstrumenter ze regéieren.

Deen Text, dee mer hei elo an der Verfassung virgesinn, erlaabt et der Regierung zu all Moment, wann eng international Kris a wann eng Urgence ass, anzespringen an déi Moosnamen ze huelen, déi noutwendeg sinn, fir d'Land adequat duerch déi Kris ze féieren.

Dofir mengen ech sinn dat zwou Verfassungsännerungen, déi d'Regierung extrem begréisst. Well iwwerall do, wou jo an deem Text de Grand-Duc steet, ass no eisem Verfassungssystem d'Regierung zoustänneg, an dofir kritt also hei d'Regierung Pouvoiren. D'Regierung wäert déi Pouvoiren ausüben, selbstverständlech ënnert parlamentarescher Kontroll. Déi parlamentaresch Kontroll ka sech jo während dem ganze Joer exercéieren. Mä et gi Momenter wou eng Regierung muss kënnen schnell handeln, wou eng Regierung net kann a tout moment d'Parlament convoquéieren, an do ass deen Text wesentlich. An dofir wäre mer dankbar als Regierung, wann d'Chamber dëse Mëtte géing dës wichtige Verfassungsännerung stëmmen.

Ech soen Iech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun dëser Verfassungsreform.

Ech maachen drop opmierksam, dass laut dem Artikel 114 vun der Verfassung dräi Véierel vun den Deputéierte musse present sinn an dass och zwee Drëttel mussen derfir stëmmen. Et ass net zoulasseg, dass ee fir een anere ka stëmmen.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert déi virleiend Proposition de loi.

Premier vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Nach eng kéier: Et gëtt kee Vote par procuration.

D'Proposition de loi 4754 ass eestëmmeg ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et Marco Schroell;

Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Interruptions diverses)

Pardon, mir brauche jo keng. Sécherheetshalber. Et muss een ëmmer oppassen.

(Hilarité et interruptions diverses)

Net dass et herno heescht, si hunn net gemaach wéi et genau virgesinn ass.

Elo komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar zum zweete Vote constitutionnel vum Revisiounsvorschlag 5047/5039 vun den Artikelen 63 a 65 vun eiser Verfassung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Bodry an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de révision, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

9. 5047/5039 - Proposition de révision des articles 63 et 65 de la Constitution - Second vote constitutionnel

■ **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, mir hunn déi Annerung do an éischer Liesung gestëmmt. Ech géif net mengen, dass zu deem, wat mer dee Moment gesot hunn, nach eppes bäizefüge wär. Ech géif also och hoffen, dass déi Proposition de révision, déi virgesäit, dass de Vote par article ofgeännert gëtt an deem Sënn, dass deen an Zukunft nëmme méi stattfënnt, wa weinstens fënnf Deputéierten dat froen, wat jo och e ganz breede Konsensus hei am Plenum fonnt huet, dass déi Proposition och am zweete Vote wäert gestëmmt ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech mengen eleng mat deem, wat mer dëser Deeg hei erliewen, mierke mer, dass déi Aart a Weis, wéi mir nach de Vote virhuelen, article par article, net méi appropriéiert ass, Här President. Dofir kann ech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu där Emännerung vun der Verfassung bréngen.

■ **M. le Président.**- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Jo, Här President, dat, wat mer hei stëmmen, huet näischt ze doe mat deem, wat mer apparentment hei erliewen déi lescht Deeg, sondern dat hei geet ganz einfach ëm eng Vereinfachung vun dem Vote. Selbstverständlech si mer domadder d'accord. Mä all dat anert ass déi üblech Prozedur Scharmützel.

(Hilarité)

■ **M. le Président.**- Den Här Urbany huet d'Wuert.

■ **M. Serge Urbany (déli Lénk).**- Här President, ech wëll just soen: Ech enthalte mech bei deem heite Vote. Net datt ech géint dee Prinzip hei sinn - et ass selbstverständlech eng lästeg Pflichtübung, déi elo hei ofgeschaaft gëtt -, mä ech fannen hei gëtt de Prinzip vu fënnf Deputéierten, déi besonnesch Rechter solle kréien, an eiser Prozedur, och nach an der Verfassung nach eng kéier zousätzlech verankert an zementéiert. Ech wäert mech dofir bei deem Vote hei enthalen.

■ **M. le Président.**- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech mengen, während d'Proposition vun anere Kollege vu menger Partei d'Zoustëmmung kritt, wäert ech mech bei deem Artikel 65 do enthalen, sou wéi och aner Deputéiert, net well elo déi laangwiereg Prozedur vum Virlesen ofgeschaaft

gëtt, mä och weinst deene fënnf. Well en Deputéierte muss effektiv fënnf Ennerschrëften hunn, fir hei säin Initiativrecht kënnen ze gebrauchen.

(Interruptions)

Ech mengen, wann dës Majoritéit gär gehat hätt, dass soll den Artikel 50 esou ëmgeännert ginn, dass de Fraktiounszwang effektiv agefouert gëtt an dass d'Mandat de Parteie gehéiert, dann hätt se sollen dee Courage hunn an dat maachen an net hei op Ëmweeër versichen eenzelnen Deputéierten e Maulkuurf unzeden an domadder kann ech...

(Interruptions)

...domadder kann ech...

(Interruptions)

Ech wëll just hei Eent soen: Ech wënsche jo kengem heibannen et, mä wann nom 13. am Broochmount eng Partei do ass, déi nach véier Sätz hei am Parlament wäert hunn, da wäerte mer gesinn...

(Interruption)

...da wäert hei en anere Wand bloosen an da wäerten déi, déi elo vläicht hei sech selwer e Maulkuurf opgesat hunn, nach u mech denken.

Ech soen Iech merci.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

■ **M. Serge Urbany (déli Lénk).**- Konkret war natierlech d'LSAP gemengt bei deem Beispill!

(Hilarité)

Lecture du texte de la proposition de révision de la Constitution (par M. Jean Spautz)

■ **M. le Président.**- D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Et ass also eng vun deene leschte kéieren, wou dat doten elo nach eng kéier geschitt, dass d'Lecture vun den Artikelen gemaach gëtt, an dofir, mengen ech, maache mer dat, dass dat awer och genau klappt, dass net herno iergendwéi een nach een Hoer an der Zopp fënnt a seet: Elo hu se dëst net gemaach an dat net gemaach. Also, ech mengen, mir ginn do op Nummer sécher. An dofir stëmme mer dann elo of.

Second vote constitutionnel

Déi mat där virleiender Verfassungsännerung d'accord sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de révision ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen an 3 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et Marco Schroell;

Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Georges Wohlfart;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero et Aly Jaerling;

M. Serge Urbany.